Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Mee 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Logementsminister weiderzeleeden.

Den SNHBM steet aktuell an der Kritik, well relativ vill Wunnunitéiten net verkaf ginn. Sou sinn d'Zuele vun 2022 op 2023 vun 187 op 38 gefall.

An deem Zesummenhang géife mir dem Här Logementsminister gär dës Froe stellen:

1) A wéi vill vun eisen 100 Gemengen am Land ass den SNHBM aktuell aktiv?
2) Kann den Här Logementsminister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Projete vum SNHBM opgeschlësselt no Gemeng aktuell an der Prozedur sinn, wéi vill der am Bau sinn a wéi vill der fäerdeggestallt sinn?
3) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, zanter wéini déi eenzel Projeten sech opgeschlësselt no Gemeng, an der Prozedur befannen?
4) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi opgeschlësselt no Gemeng regruppéiert, wéi vill Unitéite vun deene jeeweileg fäerdeg gestallte Projete verkaf goufen an all Kéiers preziséieren, säit wéini dës Vente leeft?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

Alexandra Schoos
Deputéiert